N°1105
Entrée le 13.08.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 14.08.2024

LSAP

Monsieur Claude Wiseler
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 13. August 2024

Här President,

sou wéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul weiderzeleeden.

Bourssen a Prêten am Kader vun der staatlecher Studiebäihëllef (AideFi) erméiglechen et ville Jonken en Universitéitsstudium ze finanzéieren. De Studenteprêt ass staatlech garantéiert an den Zënssaz ass op maximal 2% fir de Student begrenzt. Et ass virausgesat, datt de Studenteprêt bei enger Bank opgeholl gëtt, déi en entspriechenden Accord mam Staat huet. Aktuell hu fënnef Banken esou e staatlechen Accord.

Mengen Informatiounen no hu rezent eng Rei Betraffener misse feststellen, datt hir Mensualitéite fir d'Zeréckbezuele vum Studenteprêt considerabel gehéicht gi sinn, well den Zënssaz iwwer 2% eropgesat ginn ass.

An deem Kontext wéilt ech der Madamm Ministesch fir Fuerschung an Héichschoul follgend Froe stellen:

- Kann d'Madamm Ministesch confirméieren, datt rezent d'Mensualitéite vu Studentepréten op en Zënssaz vun iwwer 2% gehéicht goufen? Wa jo, wéi vill Prêten si betraff a wéi eng Banken hunn esou eng net-gesetzeskonform Erhéijung praktizéiert? Wa jo, wéi eng Konsequenzen huet d'Madamm Ministesch wëlles ze zéien?
- Generell, wéi eng Moossnamen hëlt d'Regierung fir sécherzestellen, datt all d'Modalitéite vum Gesetz iwwert d'Studentepréte respektéiert ginn?
- Wéi genee gesinn déi praktesch Modalitéiten aus, fir datt de Beneficiaire vum Prêt zu kengem Zäitpunkt Mensualitéite bezuele muss, déi méi wéi déi dem maximalen Zënssaz vun 2% entspriechen?

Mat déiwem Respekt,

Mars Di Bartolomeo
Deputéierten

#ZESUMMEN

Groupe parlementaire du LSAP
34, rue du Marché-aux-Herbes
L-1728 Luxembourg

Tél: (+352) 22 59 14-1
Fax: (+352) 22 59 14-82
lsap@chd.lu

lsap.lu